Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. August 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Déi lescht Regierung huet eng Rei finanziell an administrativ Ureizer geschaf, fir d'Lëtzebuerger Bierger a Firmen am Beräich vun der Mobilitéit dozou ze beweegen, vum Verbrennungsmotor op den Elektroauto ëmzeklammen. Dat bedeit fir de Staat eng Rei Käschten, ënner anerem direkt Käschte wéi Subsiden, Steiervergënschtegungen an den Ausbau vun der Infrastruktur, mee och indirekter wéi e Verloscht vun Taxen op de Verkaf vu Bensinn an Diesel mee och de Subsid fir de Stroumpräis niddreg ze halen.

An deem Zesummenhang géif ech d'Regierung gäre froe matzedeelen:

1) Wéi vill e privaten Elektroauto de Staat duerchschnëttlech kascht?
2) Wéi vill en elektresche Firmewon de Staat duerchschnëttlech kascht?
3) Wéi vill de Staat duerchschnëttlech duerch d'Steieren op engem privaten Elektroauto erakritt an a wéi enge Beräicher déi Recetten ufalen?
4) Wéi vill de Staat duerchschnëttlech duerch d'Steieren op engem elektresche Firmewon erakritt an a wéi enge Beräicher déi Recetten ufalen?
5) Wéi vill de Staat duerchschnëttlech duerch d'Steieren op engem privaten Auto mat Verbrennungsmotor erakritt an a wéi enge Beräicher déi Recetten ufalen?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**